N°1784
Entrée le 04.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1784 vum honorabelen Deputéierte Ricardo Marques**

Laut dem *Media Literacy Index 2021*[1] huet Finnland effektiv dat héchste Potenzial, den negativen Auswierkunge vu *Fake News* a Feelinformatiounen ze widderstoen. D'Medienerzéiung a Finnland verfollegt den Usaz, d'gesamt Gesellschaft mat anzebezéien. Vill verschidden zivilgesellschaftlech Organisatioune bedeelege sech un der Entwécklung an Duerchféierung vu Léierprogrammen, dorënner Schoulen, Bibliothéiken, Ministèren, Universitéiten an ONGen. Beispillsweis hu rezent méi wéi 50 Gruppen un enger „Safer Internet Day"-Campagne deelgeholl. Iwwer 100 verschidden Organisatioune promouvéire *Media Literacy* a Finnland.

Lëtzebuerg huet eng änlech Approche, andeems BEE SECURE mat enger ganzer Rëtsch Organisatiounen an Institutiounen zesummeschafft. Am berodende Gremium vu BEE SECURE, dem *Advisory Board*, si Memberen aus der Zivilgesellschaft esouwéi aus dem ëffentlechen a private Secteur, déi sech mat Froe vun Internetsécherheet a Medienerzéiung beschäftegen, vertrueden. Si liwweren e wäertvollen Input fir d'Froen, déi ronderëm dës Themen dréinen.

**Ad 1)**

Allgemeng ass mat der Initiativ BEE SECURE zanter Joren eng Mesure en place, fir déi Jonk op e méi sécheren Ëmgank mat Medien an Technologie virzebereeden an hinnen esou Moyene mat op de Wee ze ginn, fir gutt duerch déi digital Liewenswelt kënnen ze navigéieren.

Donieft ginn d'Schüler zu Lëtzebuerg duerch eng Rei vu geziilte Moossnamen op d'Erausfuerderunge vun Desinformatioun virbereet:

Am Enseignement fondamental kréien d'Schüler eng éischt Basis a *Coding* a *Computational Thinking* (CT), wouduerch si en éischte Bléck op d'Datekompetenz an d'Bedeitung vun Daten entwéckelen. Besonnesch gëtt e Bewosstsi fir d'Manipulatioun vun Date geschaf, an op dës Manéier gëtt d'Grondlag fir e kriteschen Ëmgang mat digitalen Informatioune geluecht. An dësem Kader hëlt den Educatiounsministère um Erasmus+ Projet *DALI4US* deel, deen d'Stäerkung vun Datekompetenz bei Schüler an Enseignantë fërdert.

Am Enseignement secondaire ginn dës Kompetenzen an den *Digital Sciences* verdéift, mat engem Fokus op schülerrelevant Themefelder wéi kënschtlecher Intelligenz (KI), *Data Literacy* an ethesch Froestellungen. D'Schüler léieren, komplex Zesummenhäng ze analyséieren, an diskutéieren d'Auswierkunge vun digitale Phänomener op Gesellschaft a Perséinlechkeet.

Ergänzend ginn aktuell Pilotprojeten am Bildungskontext mat KI ëmgesat, déi sech op d'Personaliséierung an d'Differenzéierung vu Léiermaterialien, d'Fërderung vu kriteschem Denken a Kreativitéit an d'Bildung vu *Communities of Practice* konzentréieren. Besonnesch de Pilotprojet *eduAI*

[1] https://osis.bg/?p=3750&lang=en

(Bildgeneratioun) ënnerstëtzt d'Entwécklung vu technologeschen a methodeschen Usätz, fir d'Theme Bildgeneratioun, kritescht Denken an Desinformatioun pedagogesch ze thematiséieren.

Praktesch Offeren, wéi ZpB-Programmer (z. B. *propaganda.guide*), den Atelier *Je vois quelque chose que tu ne vois pas !* oder Workshops vum SNJ (Marienthal), bidden eng breet Pallett un edukative Ressourcen a praktesche Formater, déi Schüler a Léierpersonal geziilt ënnerstëtzen.

Ofschléissend sief nach gesot, datt duerch d'Zesummenaarbecht mat *EDMO Belux* eng Plattform zur Verfügung steet, déi Faktenchecks, Fuerschungsrapporten a Materialien zur Medienerzéiung ubitt, an dat a fënnef Sproochen.

**Ad 2)**

Zu Lëtzebuerg sinn d'Themen Desinformatioun a kritesch Medienanalys an de Coursë vum Fondamental a vum Secondaire verankert.

BEE SECURE bitt aktuell schonn eng Rëtsch Sensibilisatiounsaktivitéiten iwwert Desinformatioun fir Jonker an Enseignanten un. Fir Schoulklassen ass dëst aktuell den Training *CHECKYOURFACTS – Glaub nicht alles im Netz*, dee 6es- a 5es-Klasse kënne bei BEE SECURE buchen. Fir eng Gréisstenuerdnung ze ginn: Zanter der Aféierung vun dësem Training 2022 bis haut gouf dëse speziellen Training ronn 500 Mol ugefrot. Aktuell gëtt och hei un enger neier Versioun geschafft, déi déi rezent Entwécklungen zu deem Sujet opgräift.

Insgesamt huet BEE SECURE am Joer 2024 iwwer 1.200 Formatiounen am Enseignement fondamental an am Enseignement secondaire ginn, dorënner eben och déi, déi méi präzis d'Desinformatioun als Thema hunn.

**Ad 3)**

BEE SECURE hat schonn 2019 eng Sensibiliséierungscampagne iwwert dee Sujet vun der Desinformatioun lancéiert.[2]

Méi rezent, am Hierscht 2024, gouf eng weider Campagne iwwer Desinformatioun publizéiert, mam Fokus op déi nei Entwécklunge ronderëm d'Desinformatioun duerch Kënschtlech Intelligenz an *Deep Fakes*. Dës Campagne mam Numm *Een Af mécht der honnert – Gleef net alles um Netz* hat an deene leschte Wochen eng gréisser Visibilitéit erreecht. Vun November bis Dezember 2024 goufen et zum Beispill 1.655.787 Impressioune vun den Inhalter vun dëser Campagne op de Social-Media-Plattformen. Am Fréijoer 2025 gëtt dës Campagne iwwer Desinformatioun am Netz mat neie Fokusse virugefouert.

Enn Abrëll 2024 huet BEE SECURE d'Thema vun der Desinformatioun och am Virfeld vun den Europawalen iwwer säin Informatiounskanal fir Enseignanten, de *BEE SECURE Update*, opgegraff. D'Enseignantë goufen hei net nëmmen op nei Methode wéi *Deep Fakes* higewisen, mee se kruten och direkt Ressourcen an Aktivitéite genannt, fir de Sujet an der Klass ze thematiséieren.

Ofschléissend sollen hei och nach d'Formatioune genannt ginn, déi den Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) an dësem Kontext am Schouljoer 2024-2025 ubidd:

- D6-e-02 : Fake news à l'heure du numérique / Antoine Hubert
- D6-c-38 : So geht Medien: Nachrichten machen in der Schule (u. a. mit KI Tools)
- D4-e-31 : Verschwörungstheorien – Fake News & Alternative Fakten / respect.lu

[2] https://www.bee-secure.lu/fr/news/checkyourfacts-ne-crois-pas-tout-sur-internet/

- D4-f-01 : „Vielfalt in der Schule“ Gleich und doch unterschiedlich? - Transkulturelle (Medien) Kompetenz im Bildungsbereich
- D4-e-63-PF-ZpB : Vernetzte Welt, vernetzte Bürger/-innen - Digitalität & politische Bildung
- D4-e-14-ES-LAM : Vernetzte Welt, vernetzte Bürger – Digitalität & politische Bildung
- D4-e-86 Dag vun der politescher Bildung 2025: Gute Noten für gute Bürger/-innen
- D4-e-84 : Dag vun der politescher Bildung 2025: Fakt oder Fake? Praktische Übungen zum Thema Desinformation
- D6-a-27 : Enseigner l'éducation aux médias et à l'information
- D6-e-37 : Kosmos YouTube: Faszination, Gefahren und pädagogisches Potenzial?!
- D6-e-01 : TikTok, Instagram & Co. – Was machen Kinder und Jugendliche eigentlich derzeit online?
- D6-e-35 : Swipe, Like, Learn! Kurzvideos im Social-Media-Zeitalter
- D6-a-02 : Datendetektive
- D6-a-07 : Veille pédagogique et recherche de données et contenus numériques : partez à la pêche sur le web !
- D6-c-41 : MediaLab – Kreatioune vun audiovisuelle Medien
- D6-d-01 : Cybersecurity Essentials – Was man als Lehrkraft über die technische Internetsicherheit wissen sollte
- D6-a-29 : Sicherheit im Fokus: Von KI-Grundlagen zur praktischen Anwendung. Was man als Lehrkraft über die KI wissen sollte

Lëtzebuerg, de 4. Mäerz 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH